Léif Bartrenger Biergerinnen a Bierger,

An der Kontinuitéit, fir eng echt Liewensqualitéit!

An engem schéinen, liewegen a sécheren Duerf ze wunnen, dofir huet d'DP sech nach ëmmer agesat.

Modern Schoulen, flott sportlech a kulturell Infrastrukturen, Wunnénge fir eis eeler Matbierger, soziale Wunnéngsbau, eng gesond a propper Ëmwelt, waren a bleiwen eis wichteg Ziler.

Ech hunn de grousse Pleséier fir Iech déi Leit virzestellen, déi mat mir zesumme bereet sinn, sech fir eist Duerf voll a ganz an dësem Sënn anzesetzen.

Chères citoyennes et chers citoyens de Bertrange,

Dans la continuité, pour une vraie qualité de vie!

Vous permettre d'habiter dans un village beau, accueillant et sûr, tel est le but vers lequel tend le DP depuis fort longtemps déjà ici à Bertrange.

Les moyens employés sont, entre autres, la construction d'écoles modernes, l'implantation d'infrastructures sportives et culturelles adéquates, la réalisation d'habitations pour le troisième âge et de logements sociaux, l'instauration d'un environnement durable où il fait bien vivre.

J'ai le grand plaisir de vous présenter les candidates et les candidats du DP, prêts à s'engager, à mes côtés, avec grande détermination pour poursuivre l'œuvre entamée.

***Paul Geimer** – Bourgmestre*

Paul GEIMER

Buergermeeschter
58 Joer, bestuet, Papp vun zwee Kanner
Sportsprofesser
President vun der Finanzkommissioun
President vun der Sportskommissioun
Vize-President vum Syndikat
„CNI – Les Thermes“
Member vun de Syndikater SIDOR an SICA

De Paul Geimer huet nach ëmmer zu Bartreng gewunnt. Hie kennt eist Duerf wéi keen zweeten.
Et ass dann och ganz normal, dass d'Bartrenger Leit an d'Bartrenger Duerf him ganz staark un d'Häerz gewuess sinn. An deem Sënn schafft hie vu Jonktem un an de Veräiner mat, wou hie besonnesch Wäert op d'Jugendaarbecht leet.

Et louch op der Hand, dass hie sech dann och an d'Lokalpolitik engagéiert huet, fir sech mat groussem Enthusiasm fir „Bartreng e schéint Duerf“ anzesetzen. De Paul Geimer ass dann och säit 1982 am Gemengerot. Vun 1986 un ass hien am Schefferot täteg. Säit Februar 2002 féiert hie mat grousser Erfahrung als Buergermeeschter d'Geschécker vu Bartreng.

Paul Geimer est élu au conseil communal en 1982. Il entre au collège échevinal en 1986. Depuis février 2002, il occupe les fonctions de bourgmestre de Bertrange.

Frank COLABIANCHI

Scheffen
42 Joer, bestuet, Papp vun zwee Kanner
Direktiounsmember vum Dikrecher Kolléisch
President vun der Schoulkommissioun
Member vun der Bauten- a Sportskommissioun
Member vun de Syndikater
SICA, SICEC, an „CNI – Les Thermes“

De Frank Colabianchi ass säit 1990 am Gemengerot a säit 6 Joer Scheffen. Hien huet d'Vakanzaktivitéiten an d'Liewe geruff, déi haut nach e grousse Succès hunn. De Frank Colabianchi ass elo 12 Joer President vun der Schoulkommissioun. D'Jugend an d'Schoul si fir hien ënner anerem eng Erausfuerderung a sengem politeschen, wéi och a sengem beruffleche Liewen, wou hie sech am Mierscher Lycée fir déi Kanner asetzt, déi et mam traditionnelle Schoulsystem net esou einfach hunn. Fir de Frank Colabianchi ass eng attraktiv Schoul eng wichteg Viraussetzung fir e flott an efficacet Léieren. „D'Kanner solle gär an d'Schoul kommen an d'Léierpersonal soll an de beschte Conditioune kënne mat de Kanner léieren.“ Dat ass seng Devise an e seet: „Ech si frou d'Chance gehat ze hunn an eiser Gemeng eng Hand mat unzepake fir eng modern a flott Schoulinfrastruktur, mat dem nëidegen Encadrement ronderëm, ze réaliséieren.“

D'Piscine fir d'Bartrenger Leit dréit a sengen An zu enger nach besserer Liewensqualitéit bäi an dofir huet hie sech fir dee Projet staark gemaach.

Frank Colabianchi, échevin, s'engage pour une infrastructure scolaire et éducative attrayante et de qualité au profit des enfants, permettant de surcroît au personnel enseignant de créer les meilleures conditions d'apprentissage possibles.

Frank DEMUYSER

Member vum Gemengerot
35 Joer, bestuet
Professeur-Ingénieur
President vun der Jugendkommissioun
Member vum Syndikat „CNI – Les Thermes“
Member vun der Bautenkommissioun
Member vun der Sportskommissioun

De Frank Demuyser wunnt an der Cité am Wénkel an ass zu Bartreng opgewuess. No senger Ausbildung zum „Ingénieur Technicien“ huet et hien nach op Karlsruhe op d'Universitéit gezunn, wou hien Diplomingénieur an der Elektrotechnik ginn ass. Uschléissend huet hie säi Proffenexamen gemeet an übt dee Beruff mat vill Engagement aus. An der Sparta huet hien d'Veräinsliewe kenne geléiert. 1991 gouf hien du President vun der JDL-Sektioun Bartreng. Zwee Joer drop gouf hie Vizepresident am Nationalcomité vun der JDL an ass fir d'éischt mat der DP Bartreng mat an d'Wale gaangen. Säit 4 Joer schafft hie mat am Gemengerot. Als President vun der Jugendkommissioun organiséiert a leet hie ganz engagéiert all Joer d'Spillnomëtteger an d'Jugendakademie vun der Gemeng Bartreng. Als engagéierte Member vun der Bautenkommissioun leet hien och Wäert op eng kontrolléiert awer gerecht Duerfentwécklung.

Frank Demuyser, professeur-ingénieur, s'engage surtout pour les jeunes avec lesquels il aime travailler aussi bien à l'école que pendant les différentes organisations pour les jeunes Bertrangeois.

Francis FELTEN

Member vum Gemengerot
67 Joer, bestuet
pensionnéierte Privatbeamten
President vun der Kommissioun vum Drëtten Alter
Member vum Office Social
Member vun der Kultur-,
Finanz- an Auslännerkommissioun a vum Finanzkontroll „Mutuelle C.C.A.“

Am Éislek zu Wilwerdang (Gemeng Ëlwen) gebuaren, wunnt Felten's Francis zënter 45 Joer am Bezierk Zentrum, dovun der elo bal zwanzeg zu Bartreng, dat fir hien eng zweet Heemecht ginn ass. Hei ass hien am kulturellen, sportlechen a soziale Veräinsliewen aktiv an ass un deenen eenzelnen Aktivitéite vun deene villen Associatiounen interesséiert.
Als Lokalreporter vum „Lëtzebuerger Journal“ gi vill Bartrenger Versammlongen a Fester dokumentéiert an am Bild festgehal. Zënter 1987 ass hien och staark engagéiert am Finanzkontroll vun der „Mutualité C.C.A.-Contributions-Cadastre-Assurances Sociales“, eng Associatioun, déi di drëi Verwaltungen e.a. an enger Stierfkeess zënter 1910 regroupéiert.
Fir hien ass awer och genau sou wichteg dat soziaalt Engagement, besonnesch fir den Drëtten Alter, d'Jugend, d'Kultur, de Sport an déi auslännesch Bierger, an dat alles am Kader vun enger ëmweltfrëndlecher a stabiler Liewens- a Wunnpolitik.

Jidderee soll sech zu Bartreng wuel fillen an an engem liewegen, schéinen, propperen a sécheren Duerf wunnen.

Comme fonctionnaire de l'Etat (contributions) et comptable e.r. Francis Felten veillera au grain sur les finances et les budgets communaux.
En plus, il s'engage pour une politique sociale non bureaucratique, équitable, transparente et il met tout en œuvre pour une saine intégration des concitoyens non luxembourgeois.

Claude KRAUS

28 Joer
Expert-comptable
Vize-Presidentin vun der JDL Bartreng

D'Claude Kraus ass gebierteg vu Gaasperech, mee hatt wunnt schonns zënn zwanzéng Joer zu Bartreng. No senge Studien an der Economie um Cours Universitaire zu Lëtzebuerg an zu Stroossburg, schafft et elo als Expert-comptable an enger Fiduciaire, eng Aarbecht, déi him vill Freed bréngt an déi hatt mat vill Engagement mécht.

Zënter dësem Joer ass d'Claude Vize-Presidentin vun der JDL Bartreng, eng jonk an dynamesch Equipe. Hatt ass och säit 2005 Member vum DP-Comité vun der Sektioun Bartreng. Um Niveau vun der Gemeng sinn dem Claude Kraus virun allem d'Ëmwelt an d'Sécherheet vun senge Matbierger wichteg. Speziell awer läit dem Claude d'Liewensqualitéit zu Bartreng um Häerz. An Zäite vun Hektik a Stress soll de Mënsch doheem rëm nei Energie tanke kënnen a sech entspanen. Dofir ass et wichteg sech fir en optimale Liewensalldag anzesetzen.

Claude Kraus, expert-comptable, s'engage pour l'environnement et la sécurité à Bertrange, afin d'y maintenir une qualité de vie élevée.

Emile KRIER

Scheffen
49 Joer, bestuet, Papp vun zwee Meedercher
Staatsfonctionnaire
President vun der Verkeierskommissioun
President vun der Kulturkommissioun
Member vun der Finanzkommissioun
Vize-President vum Syndikat SIGI

Den Emile Krier ass e Stackbartrenger, deen d'Flouernimm nach kennt an dee weess wat fir eng Entwécklung eist Duerf an deene leschte Joerzéngten erlieft huet. Hie schafft am „Centre Informatique de la Sécurité Sociale“ an huet doduerch gutt Kenntnisser iwwert eis Sozialversécherungen. Zënter 37 Joer ass hien aktive Member an der Union Fanfare Bartreng, wou hien d'Posaun bléist an heiansdo de Chef ersetzt.

1986 koum hien an de Comité vun der DP Bartreng a bei de Gemengewale vun 1987 ass de Mulles op Anhieb als 5. op der DP-Lëscht an de Gemengerot gewielt ginn. Am Joer 2002 gouf den Emile zum Scheffen ernannt. De Mulles ass säit 18 Joer President vun der lokaler Verkéierskommissioun, wou hie sech asetzt, fir datt endlech dee leschten Deel vun eiser Verbindungsstrooss realiséiert an domadder eist Duerf weider berouegt gëtt. Hien ass och President vun der Kulturkommissioun an domat staark am kulturelle Liewen engagéiert.

Hien dréit groussen Undeel um Bau vun der Musekksschoul, déi eng besser musikalesch Erzéiung vun eise Kanner erméiglecht. Zënter 1994 vertrëtt hien eis Gemeng am „Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique“ wou hien de Poste vum Vizepresident beklaet. Als Member vun der Finanzkommissioun huet hien och en oppent A fir eis Gemengekeess.

Emile (dit Mulles) Krier, échevin, s'engage au niveau local dans les domaines culturel et social ainsi que dans le domaine de la circulation.

Marc LANG

31 Joer
Economiste
President vun der JDL Bartreng
Member vun der Jugendkommissioun

De Marc Lang wunnt zënter 1980 zu Bartreng.
No senge Studien an der Betriebswirtschaftslehre
op der Universitéit zu Saarbrécken huet hien op enger
Fiduciaire geschafft, éier hien op eng Bank
gewiesselt ass. Niewebäi hält de Marc Course fir
d'Meeschterprüfung op der Chambre des Métiers.
Viru sechs Joer ass hien der JDL Bartreng bäigetratt
an ass säit dräi Joer President. An der JDL ass hien och
Member vum Nationalcomité an Trésorier vum Bezierk
Zentrum. Um Gemengenniveau leet hie speziell op
d'Jugendpolitik grousse Wäert, well ouni si
e wichtege Bausteen an der zukünftiger Liewensqualitéit
zu Bartreng feele géif. Fir hien ass et wichteg,
dass Bartreng Méiglechkeete bitt, datt déi Jonk
sech hei wuel fillen an hir Fräizäit flott gestalte kënnen.
Bei der Jugend ass net déi Politikverdrossenheet
wéi ëmmer gesot gëtt, et muss een deene Jonken
d'Inhalter nobréngen a weisen, datt si hiren Alldag
verbessere kënnen.

Marc Lang, économiste, met l'accent sur une politique
active pour les jeunes. A ses yeux, Bertrange
doit rester attrayant et créer le cadre nécessaire
permettant aux jeunes gens de s'y épanouir.

Annette LECLERC

58 Joer
bestuet, Mamm vun engem Kand
Pensionnéiert Privatbeamtin
Sekretärin vun der Kommissioun
vum Drëtten Alter
Member vun der Kulturkommissioun
Member vun der Auslännerkommissioun

Zanter 1971 wunnt d'Annette Leclerc mat hirer Famill
zu Bartreng. Si ass an enger Rei Veräiner engagéiert
a versicht do als Comitésmember dat kulturellt
a sozialt Liewen an der Gemeng ze ënnerstëtzen.
Hire groussen Hobby ass Musek a Gesank, duefir ass si
an der Chorale Amitié engagéiert. Si ass immens frou,
datt eis Gemeng de September déi nei Musekksschoul
an den neie Concertssall aweit, vun deenen all Musek-,
Gesank- an Theaterveräiner profitéiere kënnen,
a wou d'Bartrenger Leit bestëmmt houfreg sinn,
an esou e perfektionéierten Auditorium lauschtere
kënnen ze goen.

Ee groussen Interessi huet d'Annette och fir déi Jonk,
dofir huet si als Vize-Presidentin vun de Frënn
vun de Bartrenger Guiden a Scouten ëmmer een oppent
Ouer fir d'Suergen an d'Bedürfnisser vun eiser Jugend.
Fir si ass et wichteg, datt Bartreng weider ee schéint
Duerf bleift, mat enger héijer Liewensqualitéit
fir eis Kanner, déi Jugendlech, hir Familljen,
fir Senioren, ob Lëtzebuerger oder auslännesch
Matbierger, an datt et hinne weider Freed mécht,
zu Bartreng ze wunnen.

Annette Leclerc, employée privée e.r., s'engage pour
le maintien de la haute qualité de vie à Bertrange,
dont doit pouvoir bénéficier chaque habitant.

DP

Patrick MICHELS

42 Joer
Staatsfonctionnaire
Sekretär vun der Jugendkommissioun
Member vun der Bautenkommissioun
Member vun der Sportskommissioun
Membre suppléant vun der
Auslännerkommissioun
Trésorier vun der DP Sectioun Bartreng

De Patrick Michels ass gebierteg vun der Helfenterbréck.
Haut wunnt hien an der „Cité Eechels", wou hien och
vill Kontakt mat auslännesche Matbierger huet.
Hien huet ëmmer en oppent Ouer fir hir Problemer
a setzt sech fir si an.

Hien ass Inspecteur principal op der Cour des Comptes.
D'Finanze sinn, souzesoen och beruffsbedingt, eent vu
sengen Interessegebidder. Hien as ënner anerem och
Trésorier vun den „Amis de la Fleur" zu Bartreng.

De Patrick huet ëmmer vill Sport gemaach, hie war
aktiv zu Stroossen am Turnveräin, zu Bartreng am
Volley-Ball an zu Rousport am Waasserschi.
Hien ass Moniteur Directeur vun der „Ecole Nationale
de l'Education Physique et des Sports". Dofir läit et
op der Hand, datt de Patrick sech fir d'Jugend
an de Sport zu Bartreng engagéiert.

E wichtegt Uleies fir de Patrick Michels ass d'Gestaltung
vun eiser Gemeng. Als laangjährege Member vun der
Bautenkommissioun läit et him natierlech um Häerz,
datt Bartreng säin Duerfcharakter behale soll. „Et muss
Wäert drop geluecht ginn, datt Wunnraum sech an
harmonesch Infrastrukturen an an d'Natur integréiert,
fir datt d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng erhale bleift."

Patrick Michels, inspecteur principal à la Cour
des comptes, s'engage surtout pour les jeunes, le sport,
l'environnement et pour un développement harmonieux
de notre commune qui doit absolument préserver
son caractère villageois.

DP

Michel REULAND

Member vum Gemengerot
56 Joer
bestuet
Papp vun zwee Kanner
Biolog, Inspekter vun den Europaschoulen
President vun der Émwelt- an der
Auslännerkommissioun
Sekretär vum Syndikat SICONA

De Michel Reuland war no senge naturwëssenschaftleche
Studien zu Stroossbuerg als Professer an als Chercheur
haaptsächlech um Centre Universitaire täteg.
Säit e puer Joer schafft hien am Éducatiounsministère
a bekëmmert sech ëm d'Europaschoulen. Vu senger
Formatioun hir ass hie staark un ëmweltpolitische Froen
interessëiert, a freet sech, datt trotz dem immensen
Drock um Immobiliemaart et nach méiglech ass
wäertvoll Liewensraim zu Bartreng ze erhalen.

Mat méi wéi 20 % vun der landwirtschaftlecher Fläch,
déi zu Bartreng extensiv bewirtschaftet ginn,
mat Projete wéi dem Park Helfent, dem Naturbësch,
dem BHKW ass, an deene leschte Joeren, exemplaresch
Aarbecht geleescht ginn. Nëmmen eng resolut an
engagéiert Émweltpolitik kann och an der Zukunft
eng uerdentlech Liewensqualitéit an eiser Gemeng
garantéieren. Bedéngt duerch seng berufflech Kontakter
huet hie sech ëm d'Integratioun vun den auslännesche
Matbierger bekëmmert a wäert och an Zukunft versichen
d'Zesummeliewe vun deene villen Nationalitéiten esou
harmonesch wéi méiglech an eiser Uertschaft ze gestalten.
An deem Kontext, interesséiert hie sech och staark fir
d'Qualitéit vun dem Enseignement, deen all eise Kanner
déi bescht méiglech Préparatioun op d'Liewe bidde muss.

Michel Reuland, professeur de biologie et inspecteur
des écoles européennes, s'engage pour une politique
environnementale courageuse, garante d'une bonne
qualité de vie. Il est persuadé qu'une promotion de
l'intégration des non-Luxembourgeois dans la vie
communale et associative est à la base d'une cohésion
sociale indispensable pour le bien-être de tous.

DP

Monique SMIT-THIJS

43 Joer
bestuet
Mamm vun zwee Kanner
Chargée de cours

D'Monique Smit-Thijs ass 1962 zu Eindhoven gebuer,
huet säi Premièresexamen gemaach am
Newman College zu Breda an dräi Joer
Pharmacie studéiert op der Uni vun Utrecht.
D'Monique wunnt säit 1984 zu Lëtzebuerg,
am Ufank an der Stad, wou si sechs Joer fir eng
norwegesch Bank geschafft huet. Zanter 1987
wunnt d'Monique mat senger Famill zu Bartreng.
„Als Net-Lëtzebuergerin ass et mir net schwéier gefall
mech an d'Bartrenger Gesellschaft ze intégréieren",
seet hatt, „besonnesch nodeems ech mat Hëllef
vun de Kanner a Frënn d'Sprooch geléiert hunn."
Bartreng ass eng aktiv, modern, multikulturell Gemeng,
wou et sech gutt liewe léisst. Vun 1997 un
ass d'Monique Chargée de cours zu Bartreng.
Säi speziellt Engagement gëllt dem Moral- an dem
Sozialunterricht. Schaffe mat Kanner mécht him
vill Freed a virun allem d'Diversitéit vun Nationalitéite
mécht aus dem Moral- an dem Sozialunterricht
en interessant Fach. Fir d'Monique si fair Chancë
fir all eis jonk Bierger sowéi d'Chancegläichheet
vu Mann a Fra e wichtegt Uleies.

Monique Smit-Thijs, chargée de cours,
de nationalité néerlandaise, habitant au Luxembourg
depuis 1984, s'engage pour l'égalité des chances
entre hommes et femmes.

DP

Denk no, **Wiel blo!**

- Paul GEIMER
- Frank COLABIANCHI
- Frank DEMUYSER
- Francis FELTEN
- Claude KRAUS
- Emile KRIER
- Marc LANG
- Annette LECLERC
- Patrick MICHELS
- Michel REULAND
- Monique SMIT-THIJS

Méi no, **Méi blo!**

Blo fir Bartreng,
Echt Liewensqualitéit!

DP
Demokratesch Partei